Groupe parlementaire

Depot: Tom Weidig

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- de Kompensatiounsfong bei der Definitioun vu sengen Investitiounen enger Rei Restriktiounen ënnerworf ass, déi net op d'Reegele vun engem rationale Management vum Risiko-Renditt-Verhältnis zeréckzeféiere sinn, mee op den ESG-Krittäre berouen, déi am Punkt 2.2.1. f) vun der Direktiv vum Verwaltungsrot festgeluecht sinn;

ass sech bewosst, datt:

- de Bierger en Deel vu sengem Akommes an d'Pensiounskeess abezilt an duerfir och eng gewësse Kontroll driwwer soll hunn, wéi seng Suen ugeluecht solle ginn;
- d'Bierger ganz divers sinn an hiren Iwwerzeegungen zu der richteger Approche zu ESG-Themen an doduerch déi aktuell ESG-Krittären net der Iwwerzeegung vun alle Bierger entspriechen a fir déi Leit e Risiko fir hir Pensioun bedeiten;

fuerdert d'Regierung op,

- en Opt-out-Instrument ze entwéckelen, fir datt d'Bierger zukünfteg selwer decidéiere kënnen, ob hiren Undeel um Kompensatiounsfong no ESG-Krittäre soll investéiert ginn oder net.

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**